PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Am Koalitiounsaccord hunn sech d'Regierungsparteien am Beräich vun der Ëmweltmedezin eng ganz Rei Ziler gesat. Esou soll eng Grond- a Weiderbildung am Beräich vun der Ëmweltmedezin entsoen, eng interministeriell Plattform geschaf ginn, sougenannten "clean rooms" an de Spideeler opgemaach ginn, d'Käschte vun ëmweltmedezinesche Behandlungen an Zukunft vun der Krankekees iwwerholl ginn an déi entspriechend Nomenclature un d'EU ugepasst ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wou sinn d'Aarbechten un der Grondausbildung an der Ëmweltmedezin drun?
   Wéini wäerten déi éischt Persounen dës Formatioun maache kënnen?

2. Wéi gesäit et mat der Bereetstellung vu sougenannten "clean rooms" an de Spideeler aus? Wéi vill esou Zëmmere ginn et schonns a wéi vill sollen der nach kommen?

3. Wéi wäit sinn d'Aarbechten, déi d'Remboursementer an d'Nomenclature am Beräich vun der Ëmweltmedezin betreffen?
   Ab wéini kann hei mat Remboursementer gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député